N°821
Entrée le 26.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äentwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°821 vum 30. Mee 2024 vum honorablen Deputéierten Marc Goergen iwwert « Vitres teintées des voitures »**

Den honorabelen Deputéierten freet ënnert wéi enge Konditioune getéinte Fënstere bei Autoen zu Lëtzebuerg zoulässeg sinn.

No Consideratioun vum Artikel 46 vum Code de la route an dem EU Reglement 2019/2144, ass d'Ubrénge vu Folie op Fënsterescheiwen bei all de Gefierer ausser bei de Busser (Kategorie M2 a M3) erlaabt. Um Pare-brise ass et nëmmen erlaabt wann d'Sicht net verzerrt, behënnert oder Liichtduerchlässegkeet vun der Scheif op manner wéi 70% reduzéiert get, wéi zum Beispill, ee schmuele Sträifen um ieweschten, ënneschten oder säitleche Rand vum Pare-brise als Sonneblendsträif. Déi Folie muss awer d'Sichtfeld wéi um Bild 2b) vum Artikel 46 vum Code de la route illustréiert ass, net iwwerschreiden a muss dofir vun enger zoustänneger nationaler Autoritéit an engem Memberstaat vum Europäesche Wirtschaftsraum homologéiert gi sinn. Bei de viischte Säitefënstere gëllt dat selwecht ausser, datt do op déi ganz Fënsterscheif eng Folie geklieft ka ginn.

Auslännesch Gefierer ginn net aneschters behandelt wéi déi national Gefierer an an der Annexe I vum Code de la route si Geldstrofe virgesinn. Bei Verstéiss kann d'Gefier zu enger technescher Iwwerpréiwung verflicht ginn an et kann een Uerder zum Ewechhuele vun der onerlaabter Folie ginn.

Gefierer déi aus dem net EU-Ausland importéiert ginn, musse fir déi national Zouloossung den europäesche Bestëmmungen ugepasst ginn.

Lëtzebuerg, den 26. Juni 2024

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes